le domaine du moulin neuf zu Boismont an Frankräich

Penktlech fir den Optackt vun der Fëschersaison vum Flyfishing Club Lëtzebuerg, sin d´Horgänsen erëmkomm fir eis d´Fréijor unzekennegen. Nodeems mir eis Ausgangs Januar ewei all Joër zu Charleroi op der Austellung fir Méckenfëscher mat Material angedeckt haten, an och nodeems mir den Wanter iwwer fléisseg, ënnert der fachmänneger Unleedung vun Quintus Jang an dem Paulus Raymond eis Méckendousen an den Bannowender opgefëllt haten, ass et dun also den 12. Februar 2011 endlech erëm bei d´Waasser gaangen. Den domaine du moulin neuf zu Boismont ass traditionell eis éischt Sortie am Joër. Och dëst Joër haten sech éng 25 Memberen vum Flyfishing Club anfond fir een gesellegen Dag bei beschtem Fëscherwieder ze verbréngen.

Ewei ëmmer stung hei d´Gesellegkeet am Virdergrond an et ass masség vun der Geleenheet profitéiert gin fir ënnerteneen Fëscherlatäin auszetauschen. Mée et ass awer och gefëscht gin an Jiddvereen huet séng Fësch gefaangen. Moies woren d´Konditiounen optimal an esou sin och haapsächlech dun Fësch gefaangen gin. Mëttes wor et ee bëssen emei roueg gin, mée dun woren mir Fëscher och schon vill manner kribbeleg an hun et

deementspriechend och méi gemitlech ungoën geloos. Et sin haaptsächlech Portiounsforellen gefaangen gin, mée déi éng oder anner Ausnahm wor och dëst Joër erëm dobäi. Den Gilson Mich an den Hoffmann Jemp haten zwou formidabel Forellen gefaangen, déi mir mat Fotoën beleën wëllen.

Géint Mëtteg ass dun den Paulus Raymond nokomm an huet fir eis leiwlecht Wuel gesuergt. Hien hat Jerbsenbulli mat Mëttwurscht matbruecht an och fir Gedrenks wor beschtens gesuergt. Hei huet sech awer virun allem gewissen

wat wirklech d´Stäerkten vum Flyfihing Club sin (friessen an saufen) näemlech een harmoneschen an gemitlechen Dag zesummen beim Waasser ze erliewen.

Nom Iessen hun mir et dun ganz gemitlech ausklengen geloos. Déi Éng hun éng leschten Kéier den Dag opliewen geloos an déi Anner hun dervunner profitéiert fir d´Schierbelen vum Dag anzesammelen an hun ee bëssen an den Beem no Mécken gefëscht.